PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 165

RECU
Par Alff Christian , 08:36, 01/12/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

30/11/2020

Här President,

**Am Kader vun der Froestonn vum 1. Dezember 2020 wéilt ech dem Paulette Lenert eng mëndlech Fro stellen.**

Am Kontext vun der crise sanitaire COVID-19 goufe Professioneller aus dem Gesondheetssecteur invitéiert sech fir d'Réserve sanitaire anzeschreiwen. Och Dokteren, déi nach enger Spezialisatiounsausbildung noginn, Studenten a Schüler iwwer 18 Joer, déi e Beruff aus dem Beräich vun der Santé léieren, a pensionéiert Persounen oder Leit, déi am Congé sans solde sinn a virdrun engem Beruff aus dem Beräich vun der Santé oder de Soinen nogaange sinn, goufen agelueden, sech fir d'Réserve sanitär anzeschreiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Envisagéiert d'Regierung wärend der sanitärer Kris Persounen, déi en Oofschloss an der Medezin un enger Universitéit ausserhalb vun der EU gemaach hunn, an hirem Diplom zu Lëtzebuerg (nach) net unerkannt kruten, fir d'Réserve sanitär zouzeloossen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven Député